Réunion 11/24

# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

**Rapport de la réunion du 10/12/2024**

**Lieu de réunion : Reuniounssall Centre Culturel am Duerf**

**Début de la réunion :** 19h30

**Ordre du jour :**

**1.** Approbation du rapport de la dernière réunion du 5/11/24

**2.** Virstellungsronn : néie Member

**3.** Revue 2024

**4.** Divers

Iddee : Fabrice

Mag

Fabrice Mousel — Philippe Frisch

Président — Secrétaire

## 1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 05/11/24

De Rapport vun der leschter Reunioun ass unanime ugeholl ginn.

## 2.Virstellungsronns : neie Member

Gesondheetskommissioun huet sech dem neie Member Linda DAUBENFELD virgestallt.

## 3.Revue 2024

An dëser leschter Reunioun aus dem **1. Existenz-Joer vun eiser Kommissioun**, dem Joer 2024, gouf en ofschléissenden Aktivitéitsrapport vum Sekretär virgestallt :

Nodeems Gesondheetskommissioun am Februar 2024 eng éischte kéier zesummekomm ass, gouf eng gemeinsam **Participatioun um Relais pour la vie** genotzt, fir sech ënnerhalb de Membere besser kennen ze leieren. Dëst huet sech als formidabel Aktivitéit erausgestallt an där e flotten, conviviale Moment matenee verbruecht ginn ass, an natierlech och de gudden Zweck am Vierdergrond stoung. Aus dëser Aktivitéit eraus ass een Don vu 500€ entstan, deen d'Kommissioun der Fondatioun Cancer konnt spenden.
An de nächste Reuniounen huet sech d'Kommissioun gëeenegt, am Kader vun der **Semaine de la santé mentale**, déi vum 07/10 – 20/10 stattfonnt huet, e Filmowend fir de grand public ze lancéieren. Dëst éischt Evenement gouf an zukünftegen Aarbechtsreuniounen nach am Detail ausgeschafft :

De Film huet misse bestëmmt ginn -> Fir de richtege Film auszewielen huet d'Kommissioun e Spezialist, den Dr Axel MEINHARDT, mat an eng Reunioun invitéiert. Dësen Invité sollt och um Filmowend am Oktober aktiv deelhuelen a huet sech bereet erkläert fir op Froe vun de Visiteuren ze Äntwerten. Et gouf sech op d'Autobiographie vum Hape Kerkeling « Der Junge muss an die frische Luft » gëeenegt.
Sall -> Kommissioun krut vun de Verantwortleche vum Lënster Lycée den Accord, fir de Filmowend am Festsall duerften ze lancéieren. De Sall ass mat enger klenger Bühn + Projekter a genuch Sëtzplazen, ideal fir dësen Zweck, equipéiert gewiescht.
Iessen a Gedrénks :
Als kleng Stäerkung hate mer an engem Jonglënster Lokal, Schnittercher bestallt, Gedrénks gouf bei engem Depositär ugefroht.

D'Memberen hunn hire Feedback matgedeelt : (Debriefing aus dem Rapport 05.11)

Am **Filmowend** huet d'Autobiographie vum Hape Kerkeling « Der Junge muss an die frische Luft » huet e ganz **emotionalen a beweegenden** Androck bei de ronn 70. Visiteuren hannerlooss.

D'Froeronn déi nom Film stattfonnt huet, war immens spannend an et sënn flott Dialoger zwëscht dem Invité Dr. Axel MEINHARDT, Pédopsychiater, an der Kommissioun an de Matbierger entstanen, e conviviale Moment gouf du mat engem Patt an engem klenge Maufel, an der Buvette vum Jonglënster Lycée verbruecht. Matbierger souwéi och d'Membere vun der Kommissioun hunn eng ganz positiv Erfahrung, bei dësem éischten Evenement gemaach. D'Technesch Organisatioun vum Festsall, hunn impeccabel fonctionéiert.

D'Iessen a Gedrénks sen gutt bei de Leit ukomm, dëss gelonge Soirée wäert der Kommissioun nach sécherlech laang an Erënnerung bleiwe.
D'Kommissioun seet all Visiteur, der Gemeng Jonglënster a besonnësch dem Lënster Lycée a sengem engagéierten Personal e ganz grousse MERCI !

Kommissioun huet no dësem éischten Evenement de Bilan gezun, an ass sech eeneg dat an Zukunft nach mei esou Projet'e solle stattfannen. Et goufe scho vill interessant Iddie gesammelt déi am Joer 2025 sollen a Form vun enger „**Timeline" fir déi kommend 4 Joer** nach ausgeschafft ginn. Am Joer 2024 hu 11 Reuniounen stattfonnt.

## 4.Divers

### Brainstorming future Projet

Fir an Zukunft weiderhi Visibel ze bleiwen, well Kommissioun virun allem lokal Eventer lancéieren, dës sollen de Kader awer net sprengen. Als Grondiddie vun zukünftege Projet'e steet nieft den Theme vun der Gesondheet och 'daat Sozialt an d'Wuelbefannen' am Sënn vun der Kommissioun. D'Memberen si sech eens, sech net just op ee Volet ze limitéiere, mee d'Kommissioun breetgefächert opzestelle fir an Zukunft verschidde Volet'en ze viséieren.

An engem produktive Brainstorming goufen e puer flott Iddien zréckbehal :

- D'Matbierger verstäerkt fir eng gemeinsam Participatioun um **Relais pour la vie** sensibiliséieren

- Eng Informatiounscampagne **géint Vereinsame vun de Matbierger** :

⇒ Et soll een sech mol rëm mei mat de Leit ënnerhalen
⇒ MOIEN soen
⇒ E puer fréndlech Wierder austausche

- D'**Youth&Work** asbl. stellt eng Interessant Initiative duer, déi et sech als Ziel gesat huet fir Jonker mat Startschwieregkeeten bei hirer Aarbechts- an

- Ausbildungssich ze ënnerstëtzen. Dës Organisatioun schafft mat erfuerenen Entrepreneur'en, a jonke Leit déi nach ganz am Ufank vun hirer Carrière sti, zesumme, fir se ze coachen, ze ënnerstëtzen an domat hiren eegene berufflecheWee ze fannen. Am Vierdergrond steet hei de jonke Mënsch, de soll op den Terrain preparéiert ginn. Dëse Service soll de Participant näischt kaschten. D'Gemeng Stengefort ennerhällt eng Konventioun mat Youth&Work, e puer jonk Participanten hunn an engem flotte Video schonn déi éischt ganz Positiv Experienze matgedeelt. D'Kommissioun fënnt et wichteg esou ee sozio-pädagogeschen Domäne fir jonk Matbierger ze ënnerstëtzen a géif et sënnvoll fanne wann d'Gemeng Jonglënster och op Youth and Work géif zréckgräifen. Mir lueden de Schäfferot wärmsdens an sech heiwéinst bei eis ze mellen.
  Link: https://youtu.be/rorydVmjrmU?si=i5pNFfoM4tVnT4n5&t=615
  Link: https://youtu.be/Q4jwKBptvKw?si=HCQvzmHID88011Yb
  Link: https://youth-and-work.lu/de/

- Am **Mag** reegelméisseg eng Informatiounssäit publizéiere bei deenen et iwwert verschiddenen Theme soll goe :

⇒ Präventiounscampagnen iwwert Haislech Gewalt
⇒ Menthale Gesondheet
⇒ Gesondheet am Allgemengen

**Gratifikatioun Fir Personal aus dem Lënster Lycée a fir den Invitée**
D'Gesondheets a Sozialkommissioun fréet de Schäfferot op et méiglech wier, dem Dr Axel MEINHARDT an dem Personal aus dem Lënster Lycée (6 Leit) mat enger klenger Gratifikatioun, evtl. engem Iessensbong oder enger Corbeille, Merci ze soen.

D'Gemeng huet op eng Informatiouns Versammlung iwwert di nei **Offalltaxe** vun de Poubelle invitéiert. Hei se verschidde Punkten an der Kommissioun beschwat ginn, bei deenen et virun allem em d'Schütze vun der Dignitéit an de Rechter vun de Matbierger goung am Fall wou een aus medenzinnëschen Grënn vill Offall huet, awer och verschidde Punkten di an der nächster Reunioun nach beschwat solle ginn.

Déi nächst Reunioun fënnt den 22/01/25 statt.